Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/01/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Wirtschaft & Kommunikatioun a Medien weiderzeleeden.

Op der Säit 65 vum néie Koalitiounsaccord setzt sech déi aktuell Regierung d'Ziel aus Lëtzebuerg ee Pionéier an Innovatiounsleader am Numérique ze maachen a schonns a senger Ried vum 22. Februar 2016 huet den Här Bettel ugekënnegt, dass 2020 ganz Lëtzebuerg en Accès zu engem Fiberuschloss wäert hunn. Opgrond vun dëser ambitiéiser Zielsetzung géif ech gäre méi zum aktuelle Status vum Internetreseau hei am Land wëssen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

- Opgelëscht pro Gemeng, wat ass Duerchschnëttsgeschwëndegkeet vun Internetverbindungen um Reseau vun der POST?
- Opgelëscht pro Gemeng, wat ass Duerchschnëttsdauer, ausgedréckt an Deeg, vun der Commande vun engem Internetaccès bis zur Installatioun bei der POST?
- Opgelëscht pro Gemeng, wat ass d'Unzuel vu Stéit, absolut a prozentual, wou hei am Land Accès zu engem Fiberuschloss besëtzen? Wéi vill Prozent vun dëse Stéit benotzen dësen Accès effektiv?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député